

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 14. Dezember 2021

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Energieminister weiderzeleeden.

Am Artikell „*Europa droht diesen Winter eine Gaskrise*“, deen den 3. Dezember am Lëtzebuerger Wort publizéiert gouf, heescht et, datt Lëtzebuerg net iwwert eege Gasreserven um nationalen Territoire verfüügt, mee am Ganzen 135.000 Normkubikmeter an der Belsch, Däitschland, Frankräich an Holland stockéiert. Weider heescht et an deem besoten Artikel, datt dës Reserven dem Staat net direkt gehéieren, mee änlech wéi eis am Ausland gelagert Pëtrolsreserven, vun enger privatrechtlecher Firma geréiert ginn. De Gas gëtt iwwer verschidde Pipelinen op Lëtzebuerg geleet, allerdéngs gëtt am Artikel och preziséiert, datt de Koppelpunkt vun der Leitung Richtung Frankräich säit 2013 ofgespaart ass.

An deem Zesammenhang géife mir dem Här Minister gär dës Froe stellen:

- 1) Wéi héich ass den duerchschnëttleche Lëtzebuerger Gasverbrauch pro Dag ausgedréckt an Normkubikmeter? Wéi presentéieren dës Zuelen sech fir en duerchschnëttlechen Dag während de kale Wanterméint?
- 2) Firwat gouf de Kopplungspunkt zu der Pipeline mat Frankräich 2013 ofgespaart? Wéi ee vun deene bedeelegte Staaten huet dës Decisioun geholl? Falls et sech hei em eng Entscheidung vun der franséischer Republik handelt, op wéi eng Manéier waren d'Lëtzebuerger Autoritéiten hei abezunn? Wéi begrënnt d'Regierung de Fakt, datt dësen Zoustand säit 2013 unhält?
- 3) Wéi eng Indemnitéiten empfänken déi privat Firmaen, déi fir den Ënnerhalt an d'Gestioun vun eise Pëtrols- a Gasreserven am Ausland zoustänneg sinn? Wéi eng Modalitéite si fir de Fall virgesinn, datt dës Firmen am Fall vun héijerer Gewalt net op hir eege Ressourcen zougräife kënnen oder dës net wéi virgesinn op Lëtzebuerg brénge kënnen?
- 4) Wéi déi kuerzfristeg Aussetzung vum Schenge-Vertrag während der rezenter COVID-Pandemie gewisen huet, hunn déi national Interesse fir vill vun eise Partnerlänner a Krisensituatioune Prioritéit. Et ass awer dovun auszegoen, datt et zu Lëtzebuerg net zu engem Gas- oder Pëtrolsmangel géif kommen, ouni, datt dat och an eise Partnerlänner de Fall wier. Wéi ass séchergestallt, datt mir och am Fall vun enger akuter Kris den Zougrëff op eis Gas- a Pëtrolsreserve am Ausland behalen? Wär et net méi sécher, déi Reserven um nationalen Territoire ze lagere?

Mat déiwem Respekt,

A handwritten signature in black ink, consisting of a long horizontal stroke with a small loop at the end.

Fernand Kartheiser
Deputéierten

A handwritten signature in black ink, featuring a large, stylized 'F' and 'K'.

Fred Keup
Deputéierten